



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Lëtzebuenger Akademiker, déi am Ausland als Héichschoulprofessor oder Fuerscher ugestellt waren, kënnen eng béis Iwwerraschung erliewen, wa si hir Pensioun hei am Land wëlle verbréngen. D'Paien am öffentleche Secteur, inklusiv an der Fuerschung, am Ausland kommen dacks net un déi lëtzebuergesch erun, an d'öffentlech Altersvorsuerg ass an deene Länner dacks manner entwéckelt wéi heiheim, esou datt d'Pensiounen deementspreechend méi kleng sinn. Trotzdeem hunn dës Leit an hirer beruflecher Karriär och eppes fir eist d'Land gelescht, an de Ruff vu Lëtzebuerg no bausse vertraueden an engem Beräich, wou mir eréischt zënter 2003 richtig op der Landkaart sinn. Anerersäits ass an der Fuerschung wéi och an der akademescher Léier eng héich Mobilitéit gefrot, bei där eng beruflech Karriär ee bal zwéngend an d'Ausland féiert.


Dowéinst wéilt ech dem Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung sech der prekärer Situatioun bewosst, där Lëtzebuenger Fuerscher an Unisprofessoren kënnen ausgesat sinn, déi am Ausland geschafft hunn?
2. Ass d'Regierung sech bewosst, datt déi international Mobilitéit an der Léier an an der Fuerschung en normalen an esouguer noutwennegen Deel vun enger akademescher Carrière ass?
3. Wéi bewäert si, eventuell am Kader vum „Nation Branding“, den Impakt vun akademeschen Aktivitéite vu Lëtzebuenger am Ausland?
4. Am Fall, wou d'Regierung wéilt, op mannst bei Härtefäll, esou Leit entgéintkommen, wou wäeren Usazméiglechkeeten? Ass et realistesch, un e Fong ze denken, dee vum

FNR kéint ageriicht ginn? Oder un eng Bourse, déi no der berufflecher Karriär fir där hir Dauer kéint ausbezueelt ginn?

5. Wou gi jonk Lëtzebuerger Akademiker, déi eng Karriär am Ausland an d'A faassen, beroden, fir datt si am Alter net virun esou Problemer stinn? Wéi wäit weess d'Lëtzebuerger Regierung iwwehapt, wann e Lëtzebuerger am Ausland en akademesche Posten an der Léier oder der Fuerschung unhëlt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten